ENAD ECOLE NATIONALE POUR ADULTES

# Diplomiwwereechung 2024

## Ried gehalen den 10.07.204 vun der Direktesch, Melanie Noesen

Léif Vertrieder*inne vum Educatiouns-Ministär,

Léif Commissaires de gouvernement,

Léif Vertrieder*inne  vun de Chambres professionnelles

Léif fréier Direktere vun der ENAD, Carlo a Jos,

Léif Schoulgemeinschaft,

Léif Laureatinnen a Laureaten,

haut den Owend  éiere mir iech, freeë mir eis fir iech a feiere mat iech.

Haut kritt dir zu 107 e Blad Pobeier an d'Hand gedréckt. Et ass en Ticket, e Schlëssel, deen Iech Dieren opmécht an iech hoffentlech e gutt Stéck méi no un är Dreem féiert.

Mat dem Blad Pobeier huelt dir villes mat heem: berufflech a Fachkompetenzen, wësseschaftlech-propedeutesch Kompetenzen, Transversalkompetenzen, och nach «soft skills» genannt. Dat ass vill, dat qualifizéiert iech an dir hutt eenorm vill geschafft, dacks och un iech selwer, fir dohinner ze kommen. An awer ass ären Diplom, äre Certificat net alles.

De fréiren Direkter, Jos Bertemes, huet ëmmer gesot: Dat hei ass e Scholdschäin. Well der vill vun iech net deen einfachste Wee duerch d'Schoul an dacks och duerch d'Liewe gaange sitt. A well et op deem Wee iergendwou een oder méi Mënsch goufen, déi iech d'Hand gerecht hunn an déi un iech gegleewt hunn. An dat ass d'Viraussetzung, fir dass ee selwer u sech gleewe léiert. An deem Sënn ginn ech iech mat op de Wee, wéi virdrun de Jos Bertemes dat gemaach huet: wann dir eng Kéier e Mënsch gesitt, deen alles, virun allem de Glawen u sech verluer huet, dréint iech net fort, mee reecht em är Hand a léiert en u sech gleewen. „Der Mensch wird zu dem Ich, dessen Du wir ihm sind!" (Georg Feuser)

An sou  ass fir mech och haut d'Geleeënheet all deene Leit e waarme Merci auszeschwätzen, déi Undeel un ärem Erfolleg hunn an Iech bis haut den Owend begleed hunn: är Familljen, är Frënn, är Patronen fir déi, déi déi ganzen Zäit nieft der Schoul och geschafft hunn, an natierlech d'Equipes pédagogiques, är Enseignanten, Educateuren, Tuteuren, dee ganze Staff vun der ENAD, deen all Dag mat Léift an Determinatioun am

Klenge wéi am Groussen et méiglech gemaach huet, dass dir konnt léieren iech ze vertraue an datt mir iech haut feieren.

Iech zeechent aus – ech hunn et scho gesot - dass äre Wee net deen einfachste war.

D'Christel Manske, eng Professesch an der Inklusiounspädagogik, déi ech bewonneren an déi selwer als Kand eng deemols sougenannte *Schule für Lernbehinderte* besicht huet, huet geschriwwen, dass "heinsdo den Ëmwee de kierzeste Wee ass".

Wann ech mech un déi Momenter erënneren, déi Gespréicher mat iech oder mat deene Leit, déi iech heinsdo iwwer Jore begleed hunn, wann ech iech elo hei sëtze gesinn, da weess ech, dass dee Wee, äre Wee, e ganz räichen an sécher dee richtege war an dass dir als mënschlech Erfarung méi mathuelt a méi weidergi kënnt wéi vill Mënschen, déi keen Ëmwee hu misste goen.

Grad an den aktuelle Zäiten hoffen ech, dass dir äre Succès, äre Scholdschäin och als e gesellschaftlechen Optrag verstitt. Eng Enseignante, déi déi lescht Woch eréischt hir Epreuve vum Stage mat Erfolleg ofgeschloss huet, huet an hirer Reflexioun geschriwwen:

*Ma fonction en tant que formateur d'adultes à l'ENAD est d'armer les apprenants pour contribuer à en faire des citoyens responsables, autonomes et libres. Je veux leur donner les outils nécessaires pour comprendre et interpréter le monde dans lequel ils vivent afin qu'ils puissent faire leurs propres choix, qu'ils soient capables d'en voir et d'en comprendre la beauté sans pour autant en ignorer la laideur. Je veux les aider à mieux comprendre et à mieux connaître le monde afin d'y vivre mieux, pour eux-mêmes et pour les autres.*

An deem Sënn entloosse mir iech houfreg a gleewe weider un iech.